
# PARBLAT

# VUN DER PAR MIERSCH

## Hellege Franziskus

27. Abrëll 2026 - 7. Juni 2026

No. 03 / 2026



(cf. Image - Ausgabe 03/26 Juni 2026)

# Päischten - Pentecôte

**Den Hellge Geescht hälleft mer ganz déif a mir selwer ze soen:**

***„Jo, Jesus, ech sinn derbäi !“***

**Le Saint-Esprit m’aide à dire au plus profond de moi-même :**

***« Oui, Jésus, je suis de la partie ! »***

# Editorial



Matten am Fréijoer eng Foto vun enger Wanterlandschaft? Dat huet näischt dermat ze dinn, dat ech keng passend Foto hunn, mä mat echtem Timing:
**„Alles hat seine Stunde“**.
( Kohelet 3 ).
Iwwerdeems dobaussen alles an de Knäpp an an der Bléi steet, erënnert dëst Bild drun, datt d’Natur - a mir Mënschen - am Fong déi ganzen Zäit am gaang sinn eis ze veränneren.

Eng hëlze Passerell un engem zougefruerene Séi. Si féiert néierewou hin - oder besser gesot: genee an den „Hier und Jetzt“. An enger Zäit, an där mir stänneg forcéiert gi weiderzegoen, ass dës Passerell eng wonnerbar Plaz fir een „opmierksaamt Stoebleiwen“. Si luet an, d’Wandlung an d’Stoebleiwen net nëmmen ze gestalten, mä fir d’éischt emol ze erfaassen, ze gesinn, ze héieren, ….

Vläicht geet et Iech jo och wéi mir, ech plangen, entfale mech, setze meng Talenter an a wëll Friichte gesinn. An an engems wëll ech dat festhalen, wat ech hunn, meeschtens fäertereg, iwwerdeems et mech schonn nees no méi verlaangert.

Op dëser Passerell däerf een déi engagéiert Geloossenheet anüben: einfach mol kucken an op sinn fir daat, wat geschitt, wann ee grad mol näischt mécht.

Op der zweeter Foto kann ee gesinn, wat geschitt, wann ee Steng an d’Waasser gehäit. En zitt Kreesser. Dat ass d’Geheimnis vun eisem Dosinn, eiser Presenz. Alles, wat vun eis ausgeet, huet eng Wierkung.


foto: Liliane Burton

Dacks bewäerte mir just déi déck Kiselsteng - eist Schaffen, eis haart Aarbecht oder déi sichtbar Resultater. Mä vläicht sinn et grad d’Stengercher, déi déi schéinste Kreesser zéien: e Moment vu Vertrauen, wann am Fong alles onsécher schéngt ze sinn; e bëssi Gedold, wann een am gaang ass wéi een Dillendapp ronderëm ze jauwen,  ganz bewosst lassloossen, wann ee mierkt, datt dat Wichtegst am Liewe souwisou e Geschenk ass an net ze maachen ass.

De Kohelet huet et scho gewosst: Et gëtt eng Zäit fir ze kräischen a fir ze laachen, fir ze ëmäerbelen a fir d’Ëmäerblung lues ze léisen. Och wann ech elo eng gewëssen Zäit laang d’Steng sammelen, amplaz si ze werfen, bleift d’Wierkung vun der gemeinsamer Zäit hei an der Par lieweg.
Ech ginn an d’Pensioun mat enger Tréin, déi deem nokuckt, wat war an enger grousser Freed fir dat Neit, dat genee wéi de Séi - säi ganz eegenen, verbuergene Liewensplang huet.
Merci fir all Begéinung op deem Stéckelche Wee, dee mir hunn dierfe matenee goe, begleet vun DEEM, DEEN eist d’Liewen zu all Stonn a senger gudder a grousser Hand hält.

Aline Aust

**Virun 100 Joer: Primiz zu Lëntgen**

No senger Heemechtsprimiz zu Wien huet de Jakob Zeilinger den 9. Juni 2024 eng Noprimiz zu Miersch gefeiert. An der Par, wou hien seng praktesch Ausbildung gemaach huet a wou hien elo als Kaploun aktiv ass.
Den 2. Mee ass d'Priisterwei vum Leonardo Pulia, an den Dag drop ass seng Primizmass zu Lëntgen, wou hie wunnt. Wäit ewech vu senger Heemecht Kalabrien, wou hien uschléissend seng Noprimiz feiert.

Déi lescht Primiz zu Lëntgen war viru genee 100 Joer, de 15. August 1926.
Och vun engem Geeschtlechen, deen net vu Lëntgen gebierteg war.
De Jesuittepater Jos. Putz war 1894 zu Miersch gebuer. Hie war de Fils vum Gendaarm Michel Putz vu Schrondweiler an deem senger Fra Marguerite Wolff vu Lëntgen.
Nodeem säi Papp 1905 gestuerwe war, huet seng Mamm mat den dräi Kanner zu Lëntgen gewunnt. Deemno war d'Primizmass net zu Miersch, ma zu Lëntgen.
Gläichzäiteg huet den deemolege Lëntgener Paschtouer Jean-Pierre Wampach de 25. Joresdag vu senger Primiz gefeiert.

Nom Kolléisch an der Stad ass de Jos. Putz 1914 an de Jesuittenuerden agetrueden. Hien huet en Noviziat zu Arel ugefaangen a wéi den éischte Weltkrich ausgebrach ass, ass hien op Canterbury gaange fir en ofzeschléissen. Duerno huet hien e Philosophiestudium zu Stonyhurst gemaach.

Nom Krich huet hie fir d'éischt e puer Joer laang Naturwëssenschaften a Mathematik zu Charleroi enseignéiert, an uschléissend huet hien zu Louvain an zu Innsbruck Theologie studéiert. Zu Innsbruck war den 31. Juli 1926 seng Priisterwei.
Op Maria Himmelfaart war seng Primiz zu Lëntgen.

Nodeem hien säin Theologiestudium zu Neapel ofgeschloss hat, hat hien nach leedend Fonctiounen um Collège St-Jean Berchmans zu Bréissel.
1929 ass hien an Indien gaangen, wou hien op der theologescher Fakultéit vun der Jesuittenhéichschoul zu Kurseong Professer ginn ass.
1938 huet hien eng Zeitung fir Paschtéier gegrënnt, déi eng grouss Renommée kréie sollt a wou hie bis 1978 Chefredakter war. Hien huet déi indesch Nationalitéit ugeholl an huet den indesche Klerus op Kongresser vertrueden.
Beim zweete Vatikanesche Konzil war hien als Expert derbäi.
1978 ass de Pater Putz pensionéiert ginn an 1984 ass hien no 55 Joer laangem Wierken als Missionar an Indien dohanne gestuerwen.



Hannen (stinn): Eugène Medinger - Albert Kieffer - Nicolas Klein
Vir (sëtzen): Jean-Pierre Wampach - Jos. Putz - Jean-Pierre Hentzen

De Jean-Pierre Wampach war vun 1921 bis 1949 Paschtouer zu Lëntgen, de Jean-Pierre Hentzen vun 1917 bis 1926 Kaploun zu Rolleng.

Déi lescht Lëntgener Jongen, déi Geeschtlech gi sinn, waren den Nicolas Klein (1912), den Albert Kieffer (1907), de Jean-Pierre Medinger (1906, Priisterwei an Amerika), den Eugène Medinger (1903) an de Joseph Wurth (1900).

Mierscher Dechen zur Zäit vum Jos. Putz senger Primiz war iwwregens den Emile Hentgen (vun 1924 bis 1930), an de Jesuitepater, deen an der Primizmass d'Festpriedegt gehalen hat, war den Dominique Hentges.

Paul Derkum

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **27. Abräll** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **28. Abräll - Pilgerdag** |
| KATHEDRAL | 18.00 | **Pilgermass - messe de pèlerinage** |



Mir invitéieren Iech ganz häerzlech zu dëser Pilgermass. Si ass Owes, well mer domater den Elteren och eng Chance wëlle ginn, derbäi kënnen ze sinn (no der Aarbicht). Dës Mass ass eng Invitatioun un di dräi Generatiounen: Kanner, Elteren a Grousselteren. Mir freeën äis Iech zu ganz vill deen Owend bei eiser Tréischterin erëm ze gesinn.


Nous vous invitons très chaleureusement à cette messe de pèlerinage. Elle a lieu en soirée afin de donner aussi aux parents la possibilité d'y participer (après le travail). Cette messe est une invitation aux trois générations : les enfants, les parents et les grands-parents. Nous nous réjouissons de vous revoir nombreux ce soir-là auprès de notre Consolatrice.

Hudd der Loscht an engem Grupp zu Fouss an d'Kathedral ze pilgeren ?
Den Départ ass zu Goussel op der Uelzegbréck
den 28.4.2026 um 14.00 Auer.

Avez-vous envie de faire un pèlerinage à pied en groupe jusqu'à la cathédrale ? Le départ est à Goussel, au pont sur l'Alzette,
le 28 avril 2026 à 14h00.

| | | |
|---|---|---|
| **MËTTWOCH** | | **29. Abräll** - hl. Katharina vu Siena (+ 1380) |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |

| | | |
|---|---|---|
| **DONNESCHDEG** | | **30. Abrëll** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass :** fir Fam. Kraus-Peschon |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) - dono **Gebiet/prière** |
| **FREIDEG** | | **1. Mee** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| KATHEDRAL | 20.00 | **Gebiet mat de Weihekandidaten** |



**SAMSCHDEG 2.5.2026 / SONNDEG 3.5.2026**

## 5. Sonndeg an der Ouschrzäit - Liesejar A

Ev: Joh 14,1-12 : « Am Haus vu menngem Papp gëtt et vill Wunnengen ... »

Kollekt : fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSDEG** | | **2. Mee** - hl. Maria, Tréischterin, d'Patréinesch vu Lëtzebuerg / hl. Athanasius (+375) |
| KATHEDRAL | 09.30 | **Priesterweih** vum Leonardo Pulia an dem Cedric Latz |
| BOUFFER | 17.45 | **Mass :** fir Nic Boever |



Hei ass eng Foto vun der Diakonatsweih vum Leonardo d'lescht Jar, de 17. Mee 2025 an der Priesterweih vum Diego an dem Antoine.

Voici une photo du 17 mai 2025 après l'ordination diaconale de Leonardo et l'ordination sacerdotale de Diego et d'Antoine.

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDES** | | **3. Mee** |
| LËNTGEN | 10.30 | **Primizmass** vun eisem neie Kaploun Leonardo Pulia (op lëtzebuergisch et en français) - begleet vun alle Choralen aus eiser Par et la communauté portugaise |
| MERSCH | 19.00 | **Messe en langue française :** messe 1ier anniversaire pour Carlos Caramelo |

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **4. Mee** - hl. Florian (+ 304) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass : -** dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **5. Mee** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **6. Mee** |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 18.30 | **Mass :** 1.Jm. fir Erny Kerschen-Schumacher a Mass fir Sisy Kerschen-Schumacher / fir Fam. Schummer-Schmit |
| **DONNESCHDEG** | | **7. Mee** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) - dono Gebiet/prière |
| **FREIDEG** | | **8. Mee** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Chapelet** de la miséricorde divine |



**SAMSCHDEG 9.5.2026 / SONNDEG 10.5.2026**

## 6. Sonndeg an der Ouschterzäit - Liesejar A

Ev: Joh 14,15-21 : « Wann dir mech gär huet ... wärd dir meng Geboter halen ... an ech wärd de Papp froen an hie wärd iech en anere Bäistand ginn ... »

Kollekt : fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **9. Mee** - hl. Pachomius (+ 348) / Europadag |
| ROLLENG | 17.00 | **Mass** zesumme mat de Pompjeeën zur Éier vum hl. Florian |
| BIERENG | 17.45 | **Mass :** Stfg. Maria a Francis Schoettert-Rehles a Famill |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass :** Stfg. fir Fam. Weidacher-Braas |
| LËNTGEN | 19.00 | **Mass :** fir Fam. Herr / op Meenung (M.) |
| **SONNDEG** | | **10. Mee - Schlussprëssioun** |
| BLAASCHENT | 09.15 | **Mass** |
| RECKEN | 09.15 | **Mass :** fir Nelly Steichen, Alice a Josée Serres, Helly a Jos Ries-Colbach, Marie-Josée Colbach-Ries |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe en langue portugaise** |
| MIESDREF | 10.30 | **Mass :** Stfg. fir Elsi an Hubert Enders-Scheuer |

| | | |
|---|---|---|
| Miersch | 10.30 | **Mass :** fir Fam. Wagner-Bill a Weis-Majerus / Jm. fir Guy Hary a Famill / Jm. fir Noël Broers |
| Dikrich | 14.30 | **Schlussprëssioun** |
| Kathedral | 15.00 | **Schlussprëssioun** |
| Mersch | 19.00 | **Messe du soir en langue française :** pour Julia de Magalhaes Manuel Oliveira Maria de Jesus Oliveira Teixeira Manuel Teixeira de Magalhaes / pour Silvério Teixeira da Silva |
| **MÉINDEG** | | **11. Mee** |
| Goussel | 18.30 | **Mass :** fir Lotty Faber-Lotty - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **12. Mee** |
| Miersch | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| Miersch | 19.30 | **Bibellektür** an der Kierch - d'Texter vum nächste Sonndeg **- partage biblique** |
| **MËTTWOCH** | | **13. Mee** |
| Blannenheem | 10.30 | **Mass** |
| Miersch | 19.00 | **Virowendmass** zu Christihimmelfahrt |




**DONNESCHDEG 14.5.2026**

## Christihimmelfahrt

Ev: Mt 28,16-20 : « Mir ass all Muecht gi ginn, am Himmel an op der Äerd ... »

| | | |
|---|---|---|
| **DONNESCHDEG** | | **14. Mee - Christihimmelfahrt** |
| Fautelfiels | 10.30 | **Mass zu Christihimmelfahrt** (et fiert och eng Navette vun der Gare aus erop bei de Fautelfiels) |
| Klouschter | 11.00 | **Mass zu Christihimmelfahrt** |
| **FREIDEG** | | **15. Mee** |
| Bouffer-CIPA | 11.00 | **Mass** |



**SAMSCHDEG 16.5.2026 / SONNDEG 17.5.2026**

## 7. Sonndeg an der Ouschterzäit - Liesejar A

Ev: Joh 17,1-11 : « Gudde Papp, verherrlech däi Jong ... ech si net méi an der Welt, awer si ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

Kollekt zu Miersch fir d'Kathedral- an d'Wallfahrtskierch

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **16. Mee** |
| HËNSDREF | 17.45 | **Mass :** Jm. fir Henriette an Eugène Hoffmann-Schosseler a fir Madeleine an Oscar Weiss-Weydert / Jm. fir Metti Groff |
| **SONNDEG** | | **17. Mee** |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass** gesonge vum Chouer « Chorus » - zesumme mat der ACAT (Action des Chrétiens pour l'Abolition de la Torture) : Stfg. fir Fam. Agnès a Nicolas Feidt-Blasen |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières** et de **chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **18. Mee** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass :** Stfg. fir Elise Haan - dono **Anbetung** |
| **DËNSDEG** | | **19. Mee** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** Jm. fir Nicole an Edy Kraus-Brosius, fir Marie a Nic Kraus-Gillen, fir Marie a Jean Brosius-Goergen - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **20. Mee** - 7 séilig Patere vun Tibhirine: Christian, Bruno, Célestin, Christophe, Luc, Michel, Paul |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Abschiedsmass** zesumme mat dem Aline Aust, Krankeseelsuergerin bei äis an der Par |
| PËTTEN | 18.30 | **Mass :** Jm. fir Pierre Clerf a Famill / fir Hilda Straus-Kirsch a fir Famill Straus-Decker |
| **DONNESCHDEG** | | **21. Mee** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) - dono **Gebiet/prière** |
| **FREIDEG** | | **22. Mee** - hl. Rita (+ 1447) |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |



**SAMSCHDEG 23.5.2026 / SONNDEG 24.5.2026**

# Päischten

Ev: Joh 20,10-23 : « Fridde sief mat iech ... wéi mech de Papp geschéckt huet, esou schécken ech iech: empfänkt den Hellege Geescht ! ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

| **SAMSCHDEG** | | **23. Mee** |
|---|---|---|
| BIERENG | 17.45 | **Mass** |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass** |
| ROLLENG | 19.00 | **Mass :** 1.Jm. fir Jang Kauffmann |

| **SONNDEG** | | **24. Mee - Päischten** |
|---|---|---|
| RECKEN | 09.15 | **Mass :** Stfg. fir Fam. Zwick-Franck a Franck-Zwick |
| FËSCHBECH | 10.30 | **Mass :** fir Gast Bissen |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 10.30 | **Mass** |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française - après la messe une petite **Agape** |

| **MÉINDEG** | | **25. Mee - Päischtméindeg** (8. Woch am Liesejar A) |
|---|---|---|
| HELPERKNAPP | 10.30 | **Mass** zur Éier vum hl. Willibrord |
| PËRMESKNUPP | 10.30 | **Mass** zur Éier vum hl. Pirminus |


| **DËNSCHDEG** | | **26. Mee - Päischtdënsdeg** |
|---|---|---|
| IECHTERNACH | 10.00 | **Sprangprëssioun** - **Procession Dansante** |

Mir sprangen am Grupp 15 - hannert der Musek vu Waldbëlleg - géint 10.00 Auer.
Mir fuere mam Bus dohinner:
Départ zu Miersch op der Méchelsplaz **um 8.30 Auer.**

Fir de Retour: Départ zu Iechternach um 13.30 Auer (da wiere mer géint 14.30 Auer neess zu Miersch) - Präis 20 € (weg. umelden am Parbureau um 320 059 wärend de Bureauszäiten). Nous allons avec un bus à Echternach - départ à la place Michel à Mersch - svp. s'inscrire au bureau 320 059.



| | | |
|---|---|---|
| **MËTTWOCH** | | **27. Mee** |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **28. Mee** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) - dono Gebiet/prière |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** an der Kierch - d'Texter vum nächste Sonndeg - **partage biblique** |
| **FREIDEG** | | **29. Mee** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |



**SAMSCHDEG 30.5.2026 / SONNDEG 31.5.2026**

## Dräifaltigkeetssonndeg

Ev: Joh 3,16-18 : « Den Härgott huet säi Jong geschéckt, fir dass duerch hien d'Welt gerett gëtt ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

Zu Miersch huele mer d'Kollekt als e Cadeau zur Primiz fir de Cedric Latz

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **30. Mee** |
| BIERENG | 17.45 | **Mass** |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass :** fir Pit Bach a fir di Verstuerwe vun der Famill Bach-Rommes |
| LËNTGEN | 19.00 | **Mass** zesumme mat der Chorale : fir Famill Herr / Stfg. Fam. Léon Wolff-Stoltz / Marcelle Piermantier-Schon (bestallt vun der Chorale) |
| **SONNDEG** | | **31. Mee** |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIERSCH | 10.30 | **Primizmass vum Cedric Latz :** 1.Jm. fir Jean-Paul Schroeder / Stfg. fir Fam. Cécile a Jos Henkel-Mangen |
| MERSCH | 19.00 | **Messe** en langue française : messe 1ier anniversaire pour Silvino Lopes Sanches |
| **MÉINDEG** | | **1. Juni** - hl. Justin (+ 165) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass :** Wochemass fir Jean-Pierre Hosinger - dono Anbetung |

| | | |
|---|---|---|
| **DËNSCHDEG** | | **2. Juni** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **3. Juni** - hl. Karl Lwanga a Gefährten, Märtyrer (+ 1886) |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 18.30 | **Mass :** fir Fam. Schummer-Schmit |
| **DONNESCHDEG** | | **4. Juni** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe (op lëtzebuergesch** et en français) - dono **Gebiet/prière** |
| **FREIDEG** | | **5. Juni** - hl. Bonifatius (+ 754) |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Ubiedung - Adoration** |



**SAMSCHDEG 6.6.2026 / SONNDEG 7.6.2026**

## Härläichendag

Ev: Joh 6,51-58 : « Ech sinn dat liewegt Brout dat vum Himmel koum ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **6. Juni** |
| MIERSCH | 14.30 | **Mariage** Gantenbein-Stirn Shirley an Thierry |
| BOUFFER | 17.45 | **Mass :** fir Nic Boever / fir Anna Boever-Meyers |
| **SONNDEG** | | **7. Juni** |
| RECKEN | 09.15 | **Mass :** Stfg. fir Fam.Hermes-Weber / Stfg. fir Fam. Miny-Heck |
| AANGELSBIERG | 10.30 | **Mass :** fir Monique Schumann-Klein |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe intercommunautaire** et procession |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass :** Stfg. Fam. Schilling-Mootz / Stfg. Fam. Scheer-Hurt |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières et de chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe** en langue française |

-------------------------------------------------------------------

## E grousse Merci fir d'Klibbergeld !!!

vun de Rollenger Massendénger : 60,50 € - fir Ukrainesch Kanner.

## An eegener Saach

Sondes, de 17. Mee 2026 huet de Leonardo Pulia seng Primizmass a senger Heemecht an Italien (Kalabrien). Deen Dag wärten och de Kaploun Jakob Zeilinger an de Paschtouer Félix Steichen dohinner fléie fir mam Primiziant ze feieren.

Sonndes, den 31. Mee 2026 feiere mer zu Miersch um 10.30 Auer d'Primizmass mam Cedric Latz - hie war zur Zäit, wéi den Tristan Haecker nach bei äis Kaploun war, am Stage an eiser Par.

Wéint all dëse Fester ass eise Masse-Programm am Mee mat Momenter reduzéiert ginn, respektiv si Massen an den eenzelnen Dierfer verréckelt ginn.
Mir bieden Iech ëm Verständnis - et ass jo och net all Jar wou mer Primize feiere kënnen.

---

## Baptême, Confirmation et Première Commioun de Raphaëlle et de Ludovic

à Mersch, le 12 avril 2026
ensemble avec notre archevêque cardinal Jean-Claude Hollerich



## Annonce

**Conférence** ensemble avec l'abbé André Lauer :
**Les réseaux sociaux et les chrétiens**
le 5 juin 2026 à 19.30 heures au Foyer à Lorentzweiler.

Le père André va nous montrer l'impact que les différents réseaux sociaux ont sur la recherche spirituelle de nombreux hommes et femmes en quête du religieux … et combien d'entre eux, justement grâce au Web, se tournent vers Dieu et demandent le baptême.
En plus le père André nous montre l'un ou l'autre site,
et aussi un peu les arrières-fonds ...
Certainement un thème très intéressant et de plus en plus important !




# 58e pèlerinage
# FÁTIMA - WILTZ

Jeudi, le 14 mai 2026 - Jour de l'Ascension
Début de la procession à 14.30 heures
À 15.30 heures : Messe - Sanctuaire « op Bässent »

## Bureauszäiten
### dënschdes a freides moies vun 9.00 bis 12.00 Auer

Op eisem Répondeur - an och hei um Parziedel - fannt Dir eis Telefonsnummeren, wou Dir äis erreeche kënnt, fir all wichtig Ugeleeënheeten;
mee fir alles wat misst notéiert ginn, wi z.B. Massbestellungen asw. biede mer Iech d’Bureauszäiten ze wielen, well soss de Risiko vum Vergiessen ze grouss ass.

## Beichtgeleeënheet

Mir maachen d’Propose, dass dënsdes respektiv Sonndesowes eng hallef Stonn virun der Mass d’Méiglechkeet vun enger Beicht oder engem Beichtgespréich besteet.

## Bibellektür zu Miersch

Dobäi ginn d’Texter vum nächste Sonndeg gelies.
Treffpunkt: Kierch vu Miersch oder am Paschtoueschhaus - 19.30-20.30 Auer,
ongeféier all 14 Deeg: den 12.5.26; den 28.5.26 an den 11.6.26.
Dir sidd ganz häerzlech wellkomm - och wann der just nëmme lauschtere wëllt.

## Versammlungen

**Generalversammlung** vun den Uergelfrënn vu Lëntgen,
am Parsall zu Lëntgen, de 4.6.26 um 20.00 Auer.
**De Parrot** vu Luerenzweiler trefft sech
den 4.6.26 um 20.00 Auer am Foyer zu Luerenzweiler.

**Conférence** ensemble avec l‘abbé André Lauer :
**Les réseaux sociaux et les chrétiens**
le 5 juin 2026 à 19.30 heures au Foyer à Lorentzweiler.

**Familljefest zu Miersch** am Park (bei schlechtem Wierder op der Méchelsplaz)
de 6. Juni 26 ab 11.00 Auer.

**Concert Uergel mat Clarinett** zu Miersch an der Kierch de 7. Juni 26 um 17.00 Auer
am Kader vum Dag vun den oppene Kierchen



7. Juni 2026
17.00 Auer

MIERSCHER KIERCH

Entrée: 15€

# CONCERT KLARINETT AN UERGEL



LUC BLASIUS, Klarinett



FRANCIS LUCAS, Uergel

UERGELFRËNN
MIERSCH

oppe Kierchen



# Family Day


## Am Mierscher Park

## 6. Juni 2026 11h-18h

11h45 Concert-Apero mat de "Knupperten"
14h30 Intecourse
15h-17h Pony Reiden
Sprangschlässer & Spiller fir jiddereen
Atelier Amateur Astronomen Lëtzebuerg
Grill-Burger-Glace-Kaffi-Kuch-Popcorn de ganzen Dag







Org. Oeuvres paroissiales Miersch & Guiden a Scouten St Michel & Parveräiner vu Miersch
Erléis ass fir de Scoutshome St Michel an de neie Parcenter

## Fir d'Mëttegiessen op Reservatioun:

Menü 1 Kotelett & gebrode Gromperen & Zalot & Dessert & Kaffi (22€)

Menü 2 2 Grillwurschten & gebrode Gromperen & Zalot & Dessert & Kaffi (20€)

Kanner-Menü 3 1 Grillwurscht & gebrode Gromperen & Äppelkompott (9€)

Reservatioun per Iwwerweisung bis den 28.5
op de Kont LU39 0030 5023 1684 0000 Oeuvres Paroissiales de Mersch A.s.b.l mam Vermierk "Numm&Unzuel Menüer"

Don'en sinn häerzlech wëllkomm op de Kont
LU77 1111 1023 8247 0000 Oeuvres Paroissiales de Mersch A.s.b.l






Impression : Mechtel Luxembourg - printservice.lu

| **<u>Pastoralteam</u>** | <u>Telefon</u>: |
|---|---|
| Félix Steichen, Paschtouer-Moderateur | 691 320 059 |
| Pierre Habarurema, Paschtouer | 691 172 990 |
| Jakob Zeilinger, Kaploun | 621 416 318 |
| Aline Aust, Krankeseelsuerg | 621 754 984 |
| Josiane Rommes, Krankeseelsuerg | 621 700 617 |
| Tanja Konsbrück, Haaptamtlech Katechetin (dënschdes an donneschdes moies) | 691 879 730 |
| Père André Lauer Favoretti, aumônier communauté portugaise | 621 788 351 |
| Leonardo Pulia, Diakon | 621 721 097 |

**<u>Parbüro Miersch</u>**

8, rue Jean Majerus
L-7555 Mersch

**Bureauszäiten: dënsdes a freides**
**vun 9.00 bis 12.00 Auer**

Tel: 32 00 59
Angela Schroeder-Mongelli, Sekretärin
e-mail: miersch@cathol.lu
http://cathol.lu/miersch

Fir eng Massintentioun ze bestellen kënnt Dir entweder am Mierscher Parbüro uruffen oder eng Mail schécken u miersch@cathol.lu
De Präiss fir eng Intentioun an enger
- Wochemass : 20€
- Sonndesmass : 30€

Dëse Montantként Dir iwwerweisen un (schreift weg. exakt de Numm vum Compte, soss klappt de Virement net):

<u>Kierchefabrik vu Miersch</u> (fir Miersch, Biereng, Recken, Rolleng, Schëndels, Miesdref a Pëtten) **Numm: Kierchefong** - CCPL LU39 1111 0101 5466 0000

<u>Kierchefabrik vu Fëschbech</u>(fir Fëschbech, Schous, Aangelsbierg a Meesebuerg) **:**
**Numm: KIERCHEFONG FISCHB./MERSCH** - BGL LU77 0030 2517 4665 0000

<u>Kierchefabrik vu Lëntgen</u> (fir Lëntgen a Goussel)**:**
**Numm: KIERCHEFONG FE LINTGEN** - CCPL LU85 1111 1121 7543 0000

<u>Kierchefabrik vu Luerenzweiler</u> (fir Luerenzweiler, Boufer, Hënsdref a Blaaschent):
**Numm: Kierchefong** - CCPL LU88 1111 1106 7090 0000

Dat nächst Parblat geet vum 8. Juni 2026 bis de 26.Juli 2026
Redaktiounsschluss ass dënschdes, den 2. Juni 2026